# MIR SCHAFEN ZUKUNFT

LËSCHT 3

NOUS CONSTRUISONS L'AVENIR
NÓS CONSTRUÍMOS O FUTURO
WE'RE SHAPING THE FUTURE

## LUERENZWEILER



## EIS KANDIDATINNEN A KANDIDATEN FIR GEMENGEWALEN 2023

## INVITATIOUN WALOWEND

**SAVE THE DATE**

**07. Juni 2023 um 19:30 am**
**Centre culturel zu Hielem**

déi gréng Luerenzweiler

WWW.GRENG.LU/LUERENZWEILER
FIND US ON FACEBOOK

# RÜCKBLICK AUF 6 JAHRE GRÜNE OPPOSITIONSPOLITIK

Liebe Mitbürgerinnen und Mitbürger!

Es ist an der Zeit, eine kurze Bilanz unserer Arbeit in der zu Ende gehenden Legislaturperiode zu ziehen. In über 60 Gemeinderats- und Arbeitssitzungen haben wir, ***déi gréng***, unsere **Oppositionsrolle gewissenhaft wahrgenommen**. Wir haben uns zu vielen Themen kritisch, aber stets **konstruktiv** geäußert. Mit über 30 Anfragen brachten wir wichtige Punkte auf die Tagesordnung und agierten hiermit als **fleißigste Fraktion** im Gemeinderat.

Besonders **hinterfragt** haben wir einige Projekte in Sachen Nachhaltigkeit und Wirtschaftlichkeit.  So zum Beispiel das synthetische Fußballfeld, die Beheizung des Tenniszeltes während der Energiekrise im letzten Winter, die teilweise schlechte Infrastrukturplanung sowie die zukünftigen Pläne des interkommunalen Schwimmbads PIDAL. **Besonders stolz sind wir hierbei, dass wir in Hünsdorf die Ausweitung des Bauperimeters gegenüber dem Gemeinschaftsgarten, mitten im Überschwemmungsgebiet verhindern konnten.** Die Überschwemmungen im Sommer 2021 haben gezeigt, dass unsere Kritik absolut berechtigt war.

Positive Stimmen haben wir insbesondere für **zukunftsorientierte Projekte** abgegeben, wie zum Beispiel die **Erweiterung des Schulcampus „Jos Wohlfahrt“**, den neuen **Bebauungsplan** (PAG) der Gemeinde sowie den Umbau der „Boufer Schoul“ in **Musiksaal, Jugendhaus und Gemeindearchiv.**

# AUSBLICK AUF DIE KOMMENDEN 6 JAHRE

**Gemeinsam mit unseren engagierten Kandidat*innen** haben wir ein **ambitiöses Programm** ausgearbeitet, das Ihnen kürzlich zugesandt wurde. Wir sind davon überzeugt, dass wir mit unserem Programm die großen **Herausforderungen der Zukunft** meistern können.

**Unsere Ideen sind ehrgeizig, aber realisierbar. Sie zielen darauf ab, unsere Gemeinde resilient gegen den Klimawandel zu machen, energieautonom zu werden und für die Zukunft gerüstet zu sein. Um dies zu gewährleisten, braucht es Menschen, die vorausschauend denken und im Interesse unserer Gemeinde handeln. Diese grüne DNA ist bei all unseren Kandidat*innen tief verwurzelt.**

In diesem Faltblatt stellen sich unsere Kandidat*innen vor. Sie geben ihnen einen Einblick in ihr Leben, ihren Beruf und ihren Alltag und zeigen Ihnen, dass sie bereit sind, Verantwortung im Dienste aller Mitbürger*innen zu übernehmen.

**Unsere Wahlversammlung findet am Mittwoch, den 7. Juni um 19.30 Uhr im Kulturzentrum Helmdingen statt. Wir würden uns über Ihre Anwesenheit sehr freuen.**






Gebierteg sinn ech vun der Musel, a frou hei am Uelzechtdall mäin neit Doheem fonnt ze hunn. Mäi Studium huet mech an d'Ausland bruecht. Viru 6 Joer sinn ech mat mengen 2 Kanner a mengem Mann op Boufer geplënnert. Berufflech sinn ech am internationalen Enseignement täteg. A menger Fräizäit sinn ech gäre mat de Kanner ënnerwee, ob zu Fouss oder um Vëlo.

**Natur- an Ëmweltschutz** huet mech vu Klengem un interesséiert, Planzen an Déieren hu mech faszinéiert, de Gaart doheem bei der Boma war wéi eng Kiermes. Lo wou ech als Mamm voll am Beruffsliewe stinn, well ech zum Natur- an Ëmweltschutz bäidroen, doheem an op der Aarbecht. Mir hunn e klenge Gäertchen, mir kafe lokal a saisonal an, mir sichen no nohaltegem Gezei fir eis a fir d'Kanner a mir hunn e bewosste Choix fir d'**Elektromobilitéit** gemaach.

**Fir mech sti Mënsch a Natur zentral, et ass eng Unitéit an et gëtt keng Zweedeelung. An enger kranker Ëmwelt, kann och de Mënsch net gesond bleiwen. Déi Choixen déi mir haut treffen hunn net nëmmen en direkten Afloss ob eist Liewen, mee och op dat vun eise Kanner.**

**Inclusioun an Nohaltegkeet** sinn zwee grouss Themen, déi mir um Häerz leien. Ech si berufflech an engem Ëmfeld wou Inclusioun eng dreiwend Kraaft ass. **Fir mech ass eng oppe Gesellschaft wichteg, an där all Mënsch seng Plaz ka fanne mat sengen Talenter a sengem Profil.** Nohaltegkeet, well ech déi Erfarung, déi ech hat mat menger Bomi am Gaart ze stoen, am Bësch Blummen ze sammelen a mat mengem Papp fëschen ze goen, och nach fir meng Kanner a Kandskanner eng Wierklechkeet soll sinn.

An deem Sënn, géif ech gären d'Entwécklung vun eiser schéiner Gemeng ënnerstëtzen a mech fir eis Natur an eis Zukunft asetzen.




Ech sinn an der Stad gebuer an am Neiduerf ogewuess. 1975 sin ech mat engem Hënsdrefer Meedche bestuet ginn, mir hunn 2 Kanner a 4 Enkelkanner. Ech wunnen **zënter 43 Joer an der Gemeng Luerenzweiler** an dat zu Boufer an der Cité Roger Schmitz. Ech hunn iwwer 40 Joer am Bankesecteur geschafft, war och laang Zäit **gewerkschaftlech aktiv**.

A menger Jugend war ech och **sportlech aktiv**, den F.C. Rapid Neiduerf war mäi Veräin wärend méi wéi 25 Joer, doniewent hunn ech och nach Dëschtennis gespillt an hu Piston an der Fanfare gespillt. Haut des Daags sinn ech nach aktiv an enger **Mutuelle** wou ech och Präsidentschaft iwwerholl hunn a probéieren och nach, wann d'Zäit et zouléisst 2, 3 mol d'Woch Sport ze dreiwen ouni ze iwwerdreiwen.

**Ech hu mech bei deene Gréngen engagéiert well ech fannen, datt déi gréng déi eenzeg Partei ass, déi sech seriö fir den Ëmweltschutz asetzt wat deenen nächste Generatiounen ze gutt soll kommen.**

Ech sti fir eng oppe Gemeng, fir méi Informatioun un d'Bierger (en Album mat schéine Fotoe wéi de Buet geet mir net duer), an **Transparenz** esou wéi e **Matsproocherecht** bei wichtege Sujeten.




Ech sinn an der Stad gebuer, sinn zu Walfer opgewuess. Ech hunn eng Ausbildung zum Infirmier gemaach a schaffen an der Psychiatrie zu Ettelbréck. Viru 24 Joer sinn ech op Hielem geplënnert. Duerch meng onreegelméisseg Aarbechtszäiten, hunn ech mech leider net vill a lokale Veräiner engagéiere konnten. Deen eenzeg reegelméissegen Hobby dem ech noginn, ass d'Keelespill. Ech hunn ee groussen Interessi un der **alternativer Medezin**, an hunn dofir och e puer Formatiounen an dem Beräich gemaach.

Den **Ëmweltschutz** louch mir schonn ëmmer um Häerz. D'Jore verginn a verginn an et mierkt een, datt et eiser Welt ëmmer méi schlecht geet. D'Summere ginn ëmmer méi waarm, den Aarteschwund gëtt ëmmer méi siichtbar. De Weltklimarot warnt reegelméisseg, datt net genuch gemaach gëtt, fir Klimaerwiermung op 1,5°C ze begrenzen.

D'Coronakris an d'Energiekris hunn ons gewisen, wéi séier ons « sécher » Welt, sech an eng méi onsécher Welt verwandele kann. D'Leeschtunge vun der Natur, ginn net a Rechnung gestallt, well all dat, wat d'Natur fir ons mécht (Sauerstoff produzéieren, Nahrung zur Verfügung stellen, Drénkwaasser rengegen, ...) kinnt ee mat Maschinnen net maachen. Mir si biologesch verletzlech Wiesen a mussen alles maache fir ons Ëmwelt ze erhalen.

Ech si Papp vun zwee Kanner, a froe mech wouhin dat alles féiere wäert. **D' Theme Klimawandel an de Verloscht vun der Biodiversitéit léie mir dowéinst um Häerz an ech well mech fir déi zwee grouss Themen asetzen.**

*Mir schafen Zukunft.*




Ech sinn 1977 zu Lëtzebuerg als Jong vu portugiseschen Awanderer op d'Welt komm a sinn an der Stad Lëtzebuerg opgewuess. Mäin Interesse un de **Mënschen an der Natur** huet mech motivéiert, Geographie op der Uni zu Léck ze studéieren. Haut sinn ech Geographie Enseignant am Lycée technique du Centre wou ech mech och am SePAS engagéiert hunn.

2013 sinn ech mat menger Fra, déi aus Ungarn ass, op Boufer geplënnert. Mir hunn zwee Kanner, déi aktiv an der Chorale, der Museksschoul an am Tennisveräin vun eiser Gemeng sinn.

A menger Jugendzäit hunn ech Foussball an der Junior- an der Senior Ekipp vum CS Hollerich gespillt. Als Member vun der Sportskommissioun vun eiser Gemeng sinn ech mir bewosst, datt de **Sport** eng wichteg Roll bei der Ënnerstëtzung vun engem gesonden an nohaltegem Liewensstil spillt.

**Ech gleewen, dass mir an Zesummenaarbecht mat de Bierger, de lokalen Entreprisen an de Veräiner eis Gemeng weiderentwéckele kënnen, an deem mir d´erneierbar Energien , d´Reduzéiere vum Offall, den Erhalt vun der Artenvielfalt an nohalteg Transportmëttele promovéieren. Ech sinn dovun iwwerzeegt, datt de Schutz vun eiser Ëmwelt entscheedend ass, fir eise Kanner eng gesond an erfollegräich Zukunft ze garantéieren.**




Ech koum 1984 zu Lëtzebuerg op d'Welt a wunnen zanter 2017 mat mengem Liewenspartner zu Luerenzweiler. Mir hunn e klengt Meedchen an en Hond. Zu Lëtzebuerg a Metz hunn ech "Lettres modernes" studéiert a sinn zanter 2012 Franséischprofesser am Lycée des Arts et Métiers.

Meng Leidenschafte sinn d´**Literatur**, d´**Musek** an d´**Natur**. Meng Grousselteren an Elteren hu mir de Genoss vun der Natur mat op de Wee ginn, a mir och bewosst gemaach wéi wäertvoll eis natierlech a materiell Ressource sinn. Ech vermeide Verschwendung an dreeme vun engem méi selbstännege Liewen. Ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt een e méi **nohaltegt Liewen** duerch en Ëmdenken erméiglече kann.

Ech hu mech an der "Transitioun Uelzechtdall" (TUZD) engagéiert wou een Inspiratioun fënnt fir e méi **respektvollt Liewe** géigeniwwer der Flora a Fauna ze féieren. Ech si frou an houfreg zu enger méi ëmweltbewosster an nohalteger Gemeng kënne bäizedroen. Ech beméie mech des Wäerter och zwecks mengem Beruff zanter 15 Joer u meng Schüler weiderzereechen.

**Als gréng Kandidatin fir Luerenzweiler sinn ech der Iwwerzeegung, datt een, nieft méi strukturelle politeschen Entscheedungen, als Bierger:in och scho ganz vill kann ereechen. D'Welt ännert een unhand vu klengen alldeeglече Gestë fir d'Biodiversitéit, de sozialen Zesummenhalt an d'Bildung ze stäerken.**




Mat 4 Geschwëster sinn ech an der Stad opgewuess. Dobäi sinn ech fréi an engem pluralisteschen Ëmfeld mat politeschen Themen a Kontakt komm, a si schonn a menger Jugend fir verschidden **Ëmwelt-Organisatiounen** aktiv ginn. Meng Ausbildung als Schräiner (Aumôniers du travail Arlon) a Studium mat Ofschloss an der plastescher Konscht mat Schwéierpunkt Innenarchitektur (St. Luc Liège), hu mech berufflech mat ville Secteuren am Bau, dem Handwierk an der Konschtzeen a Kontakt bruecht. Sou sinn ech tëschent verschidde beruffleche Projeten och mol niewebäi an d'Scénographie schaffe gaangen oder hu mäin Horizont mat Auszäit am Fleegesecteur erweidert. Zënter iwwer 10 Joer schaffen ech elo an deem Secteur dee mech zënter der Jugend am meeschte beschäftegt - dee vum **Natur- an Ëmweltschutz**. Hei krut ech d'Chance mäin Aktivismus iwwert vill aner Organisatiounen an Initiativen auszebauen, wou sech mëttlerweil Beruff(ung) mat Fräizäit vermëschen. Niewent all dem bleift awer glécklecherweis mat menger Fra och nach Zäit fir d'Famill, eisen 3 Kanner a momentan 5 adoptéiert Hausdéieren.

**Mat mengem Engagement an der fräier Lëscht vun „déi Gréng Luerenzweiler" hunn ech d'Chance meng Kenntnisser am Ëmwelt- a Klimaschutz, Kreeslafwirtschaft, der doucer a barrièrefräier Mobilitéit an der „Transition alimentaire" anzebréngen. Dobäi leit mer d'Transitioun an eng ëmweltfrëndlech, gerecht a klimaresilient Gesellschaft besonnesch um Häerz.**




Opgewuess sinn ech zu Steesel. 2016 sinn ech mat mengem Mann an eisen 2 Kanner an d'Gemeng Luerenzweiler geplënnert.

Ech schaffen zënter 3 Joer als Coach mat engem eegene Cabinet zu Sandweiler, wou ech mech berodend fir eng besser Liewens- an Aarbechtsqualitéit vu menge Clients'en asetzen.

Fir mech ass et wichteg, sech a menger Gemeng aktiv un der Politik an um soziale Liewen ze bedeelegen. **Wann een eppes mat gestalten oder verännere wëll, muss ee selwer och aktiv ginn**. Ech si Member an der Ëmweltkommissioun an elo schonn zënter 6 Joer bei déi gréng Luerenzweiler. Ech sinn zënter 2019 am Comité vun der APEEP Luerenzweiler, an hëllefen och beim FC Luerenzweiler, wou eise Bouf spillt.

**Firwat déi gréng?** Et gëtt keng Alternativ méi! Et ass un der Zäit, fir esou vill wéi méiglech ëmweltbewosst an nohalteg par Rapport zu all Thema, wat d'Gemengeliewe betrëfft, ze agéieren, fir datt mir selwer an eis Kanner nach eng **liewenswäert Zukunft** hunn. Dat geet natierlech net ouni d'Wirtschaftlechkeet a sozial Stabilitéit am Aan ze behalen. Déi gréng hunn op internationalem & nationalem Plang an och op Gemengenniveau zu Lëtzebuerg bewisen, datt si eng Partei sinn, déi dat kann an och wierklech wëll, an dofir ënnerstëtzen ech si. An menger Aarbecht als Coach ginn ech vill vun de Leit gewuer, wat si un Zukunftsängschten zB par Rapport zum Klima/ Krisen op der Welt hunn, dëst Theme si real. **Fir mech kënnen nëmmen déi gréng wierklech Zukunft schafen.**




Ech sinn zu Luerenzweiler opgewuess. Mäin Papp hat de Familljebetrib, e Garage vu mengem Grousspapp, iwwerholl. Ech hu scho fréi geléiert, eng Hand mat unzepaken, op an der Garage oder doheem, an dat et keng spezifesch Aarbechte fir Jongen a Meedercher gëtt, mee Kompetenzen!

Säit 2009 schaffen ech beim „Fläissege Fisschen" zu Stesel als Coordinatrice Administrative. Des Aarbecht gëtt mir al Dag d'Méiglechkeet déi Leit, déi manner Chancen am Liewen hunn, ze begleeden an ze motivéiere eng fest Aarbechtsplaz ze fannen. All Dag ass eng nei Erausfuerderung; et ass eng Aarbecht an där ech opginn an déi ech mat Freet maachen.

2017 hat ech d'Chance iwwert den Ëmwelt-ministère, CELL an d'Akerbauschoul, d'Formatioun vum **Coordinateur fir Gemeinschaftsgäert** ze absolvéieren. An Zesummenaarbecht mam CIGR Steinsel Lorentzweiler an der Gemeng Luerenzweiler, di den Terrain gestalt huet, hunn ech den Design vum **Gemeinschaftsgaart zu Hënsdref** entworf - e Gemeinschaftsgaart, wou haut Kanner an Erwuessener vun allen Nationalitéiten am Austausch Geméis a Kraider ubauen.

D'**Mobilitéit** innerhalb vun eiser Gemeng léit mir um Häerz, den direkte Wee op elo zu Fouss oder mam Vëlo- Ech sti vir de **Réckbau vun der N7**, fir méi Liewensqualitéit.

A mengem Privat Liewe genéissen ech et mat mengem Liewenspartner an eise Frënn a Famille vill relax Momenter an der Natur a beim Velo fuehren ze genéissen.

**Mir ass d'Solidarwirtschaft immens wichteg; ech well mech weider fir de regionale Geméisubau asetzen an dreemen dovu Luerenzweiler zu enger iessbarer Gemeng ëmzegestalten. Kleng Schrëtt maachen et méiglech eis Biodiversitéit nohalteg a klimafrëndlech ze erhalen an ze verbesseren.**




Ech sinn en Hollänner vun Hierkonft a wunnen zënter 10 Joer zu Lëtzebuerg, dovu 5 Joer zu Boufer.

Als **Ingenieur** sinn ech scho virun 20 Joer mat de grousse Froen ausgebilt ginn, wéi mir als Mënschheet méi **nohalteg** solle liewen. D'Entwécklungen, déi den Iwwergang vum Ueleg op **erneierbar Energiequellen** erméiglechen, hunn an de leschte Jore grouss Fortschrëtter gemaach. Ech hunn d'Entwécklungen an de leschten 20 Joer no verfollegt an ech **wëll mäi Wëssen notze fir déi richteg Entscheedungen ze treffe wann et ëm d'Investitioun an nohalteg Technologië geet.**

**Fir mech perséinlech hunn Nohaltegkeet, Machbarkeet a Käschtespueren déi héchst Prioritéit.**

**LËSCHT 3**







Ech sinn zu Hënsdref opgewuess. Als Kand hunn ech déi meeschten Zäit an eisem Gaart a bei de Päerd verbruecht. Ganz fréi konnt ech mech fir de **Scoutismus** begeeschteren a war iwwer 30 Joer aktiv am Grupp St. Laurent, als éischt als Wiichtelchen a spéider als Chef a Gruppechef. Haut sinn ech aktive Member an der Amicale.

D´**Veräinsliewen** an der Gemeng léit mir um Häerz. Nieft de Scoute war ech laang Zäit am Comité vum Sports Equestres Fautelfiels. Eng wonnerbar Zäit hunn ech als Jugendlechen am „Jong Hënsdref“ verbruecht. Och haut fillen ech mech nach ganz staark mat mengem Heemechtsduerf verbonnen a probéieren, wann d´Zäit et zouléisst, bei den Hënsdrefer Duerffrënn dobäi ze sinn. Des Weideren hunn ech mech viru 5 Joer am Comité vum Gaart an Heem engagéiert.

No menger Première am Lycée Michel Rodange, hunn ech mech fir e Pedagogie Studium decidéiert. Séier stoung fir mech fest, datt ech wéilt **mat Jugendleche schaffen** an esou ass mäin Choix op de Régime Préparatoire vum Mierscher LCD gefall. Schwaache Schüler ze hëllefen an op hirem Wee an d´Beruffsliewen ze begleeden ass eng Erausfuerderung a motivéiert mech haut nach genau esou wéi virun 23 Joer. Virun 2 Joer hunn ech mech am Lycée EIMAB, der neier internationaler Schoul zu Miersch engagéiert a koordinéieren do d´Voie de Préparation a leeden de Projet d´Établissement.

D´**erneierbar Energien** si mir eng Häerzensugeleeënheet. De Krich an der Ukrain weist eis, wéi wichteg et ass, Energie onofhängeg ze ginn. Seid iwwer 15 Joer hu mir eis eege PV Anlag um Daach, ech si Member vun der Luerenzweiler Solar Société civile an am Verwaltungsrot vun der Enercoop Uelzechtdall, enger Energie Kooperative. Viru kuerzem war ech beim Projet Solar@School dobäi, wou ech mat menge Schüler eng PV Anlag um Daach vum Lycée EIMAB montéiert hunn.

Ech war nach ëmmer un der Luerenzweiler Gemengepolitik intresséiert; mat der Grënnung vun der grénger lokal Sektioun war de Choix fir mech kloer. Ech sinn 2011 direkt an de Gemengerot gewielt ginn. 12 Joer Oppositioun waren eng gutt Léierzäit, elo ass et un der Zäit Verantwortung ze iwwerhuelen. **Ech sinn iwwerzeegt, datt mir mat eisem ambitiéise Programm eis Gemeng séier a konsequent an eng klimaresilient an energieneutral Gemeng ëmgestallte kenne wou et sech gutt liewe léist.**

Ech si bestuet, Papp vun 3 Kanner an 3mol Grousspapp.

Als jonke Mënsch hunn ech Futtball zu Wäiswampech a Klierf gespillt an Handball zu Maarnech. Ewéi ech dunn 1983 op Boufer geplënnert sinn, hunn ech am Handball **Club** Miersch weider gemaach a si momentan Vizepresident an op Sponsore Sich. Ech hunn och 2 Saisonen an der Luerenzweiler Härenequippe Futtball gespillt.

Ech sinn aktive Musikant an der Hielem-Luerenzweiler Musek, spille mat Kollegen*inne Keelen, Kaart, liese gär, gi Concerte lauschteren a Konschtausstellunge kucken a wann nach Zäit iwwreg ass, drechselen ech nach bëssen. Fit halen ech mech mat Wanderen a Vëlofueren.

No méi ewéi 38 Joer am Déngscht vum Stroossebauservice als technesche Beamten (Expeditionnaire technique) bei der Stad Lëtzebuerg, sinn ech 2015 a Pensioun gaangen. Besonnesch freeën ech mech op déi Zäit déi meng **Famill** an ech, mat eise klengen Enkele verbréngen.

Mir versiche **bewosst a biologesch** anzekafen, baken eist Brout selwer, an hunn een eegene Geméisgaart. Fir déi Weeër, déi ech net mat dem ëffentlechen Transport, Vëlo oder zu Fouss ka maachen, benotzen ech säit bal 17 Joer een ökologeschen an ekonomeschen Hybrid-Auto. Mir sinn och Member vun der Luerenzweiler-Solar Société civil an der EnerCoop Uelzechtdall.

Éischt **politesch Erfarung** hunn ech viru 40 Joer am Gemengerot zu Munzen gemaach wou ech awer, nom Wunnsëtzwiessel an d’Stad, demissionéiert hunn.

Zënter 2017 sinn ech fir déi gréng am Luerenzweiler Gemengerot a Member vun de Wee- a Bautekommissiounen. **Ech well mech weider besonnesch fir zukunftsorientéiert a ressourcëschounend Infrastrukturen, ekologeschen Stroossebau mat esou wéineg ewéi méiglech Flächeversigelung an nei urbanistesch Konzepter asetzen.**

**Dofir, wielt „déi gréng Luerenzweiler“, eng motivéiert, erfueren a gewëssenhaft Ekipp, déi sech besonnesch och fir d’Zukunft vun eise Kanner an Enkelkanner asetzt.**

## WIE WÄHLE ICH RICHTIG?

**Sie haben 11 Stimmen.**

Es gibt 2 Möglichkeiten:

- Sie können jedem Kandidaten*in maximal **1** oder **2 Stimmen** geben. In keinen Fall können sie mehr als 11 Stimmen vergeben.
- Sie **schwärzen den Kreis über einer Liste**. Jeder Kandidat erhält dann automatisch eine Stimme. Sie dürfen dann keine weitere Stimme vergeben.

## WIE WÄHLE ICH SINNVOLL?

**déi gréng** bieten eine klare Vision für eine nachhaltige, gerechte und zukunftsfähige Gesellschaft. **Wenn Sie Veränderung in der Gemeinde Lorentzweiler wollen und Ihnen Bürgerbeteiligung, Klimaresilienz, Energieunabhängigkeit und eine starke Sozialpolitik** am Herzen liegen, sollten Sie déi gréng wählen. Ihre Stimme kann den Unterschied machen, um **eine bessere Zukunft für uns alle zu schaffen**.

-Schwärzen sie den Kreis über der **Liste 3 „déi gréng“**

**oder**

-Verteilen Sie alle 11 Stimmen an die Kandidat*innen der Liste 3 von „déi gréng“

## COMMENT VOTER CORRECTEMENT ?

**Vous avez 11 voix.**

Il y a 2 possibilités :

- Vous pouvez donner au maximum **1** ou **2 voix** à chaque candidat.e. En aucun cas, vous ne pouvez donner plus de 11 voix.
- **Vous noircissez le cercle au-dessus d´une liste**. Chaque candidat reçoit alors automatiquement une voix. Vous ne pouvez alors plus attribuer d‘autres voix.

## COMMENT VOTER DE MANIÈRE JUDICIEUSE ?

**déi gréng** proposent une vision claire pour une société durable, juste et viable. **Si vous voulez des changements dans la commune de Lorentzweiler et que la participation citoyenne, la résilience climatique, l‘indépendance énergétique et une politique sociale forte vous tiennent à cœur, vous devriez voter déi gréng**. Votre vote peut faire la différence pour créer un meilleur avenir pour nous tous.

-Noircissez le cercle au-dessus de la **liste 3 „déi gréng“.**

**ou**

-Répartissez les 11 voix entre les candidat.e.s de la liste 3 de „déi gréng“.

## HOW DO I VOTE CORRECTLY?

**You have 11 votes.**

There are 2 possibilities:

- You can give each candidate* a maximum of **1** or **2 votes**. You can not give more than 11 votes.
- **You blacken the circle above one list.** Each candidate then automatically receives one vote. You cannot give any more votes.

## HOW CAN I VOTE USEFULLY?

**déi gréng** offer a clear vision for a sustainable, just and livable society. **If you want change in the municipality of Lorentzweiler and you care about citizen participation, climate resilience, energy independence and strong social policies, you should vote déi gréng.** Your vote can make the difference in creating a better future for us all.

-Blacken the circle above **list 3 „déi gréng“**.

**or**

-Distribute the 11 votes among the candidates on **list 3 „déi gréng“**.

# 5 PRIORITÉITE FIR LUERENZWEILER

## 5 PRIORITÄTEN FÜR LORENTZWEILER
## 5 PRIORITÉS POUR LORENTZWEILER
## 5 PRIORITIES FOR LORENTZWEILER



Attraktiv Quartieren mat bezuelbarem Wunnraum, Plaz fir sech ze begéinen a manner Duerchgangsverkéier. Attraktive Wohngebiete mit bezahlbarem Wohnraum, Begegungsorten und reduziertem Durchgangsverkehr. Quartiers attrayants avec des logements abordables, des lieux de rencontre et un trafic de transit réduit. Attractive residential areas with affordable housing, meeting places and reduced transit traffic.

Eng klimaeffizient Gemeng, mat méi Beem, Gréngs an erneierbaren Energien. Eine klimafreundliche Gemeinde mit mehr Bäumen, Grünflächen und Erzeugung erneuerbarer Energien. Une commune respectueuse du climat avec plus d'arbres,d'espaces verts et de production d´énergie renouvelable. A climate-friendly community with more trees, green spaces and renewable energy production.

Eng kamoud an effizient Mobilitéit mat séchere Velospisten, Foussgänger- a Schoulweeër, engem attraktiven ëffentlechen Transport mat Car-Sharing an E-Bornen. Eine bequeme und effiziente Mobilität mit sicheren Fahrrad- Fußgänger- und Schulwegen, attraktivem öffentlichen Transport sowie Carsharing und elektrischen Ladestationen. Une mobilité confortable et efficace avec des pistes cyclables, des chemins piétonniers et des trajets scolaires sécurisés, des transports publics attrayants avec des services de covoiturage et des bornes de recharge électrique. Comfortable and efficient mobility with safe cycle paths, footpaths and school routes, attractive public transport with car-sharing services and electric charging stations.

Een interkulturellt Zesummeliewen mat aktiver Bierger*innebedeelegung. Ein interkulturelles Zusammenleben mit einer aktiven Bürger*innenbeteiligung. « Un vivre ensemble » interculturel avec une participation active des citoyen.ne.s. Intercultural coexistence with active citizen participation.

Eng familljefrëndlech Gemeng, mat méi Raum fir Jonker, enger héichwäerteger Bildung an enger räichhalteger Offer vu Kultur, Sport, Fräizäit a Veräinsliewen fir all Generatioun. Eine familienfreundliche Gemeinde, mehr Raum für junge Menschen, hochwertige Bildung und ein vielfältiges Kultur-, Sport- Freizeit- und Vereinsangebot für alle Generationen. Une commune favorable aux familles, offrant plus d'espace aux jeunes, une éducation de qualité et une offre culturelle, sportive, de loisirs et associative diversifiée pour toutes les générations. A family-friendly municipality, offering more space for young people, quality education and a diverse range of cultural, sports, leisure and community activities for all generations.

Unser komplettes Wahlprogramm:
Notre programme électoral complet :
Our complete election programme:

LËSCHT 3

déi gréng Luerenzweiler

déi gréng Luerenzweiler
luerenzweiler@greng.lu

GRENG.LU/LUERENZWEILER